

de 24. Oktober 2024 ofginn. Den 12. November gouf de Projet de loi mat den Amendements gouvernementaux presentéiert.

D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 22. November ofginn, an de Staatsrot de 26. November. An hirer Reunioun huet d'Finanzkommissioun den Avis analyséiert an de selwechten Dag Amendements parlementaires ënnerbreet. De Staatsrot huet doropshin den 10. Dezember säin Avis complémentaire ofginn.

Konkreet gi mat dësem Projet de loi dräi TVA-Regimier geännert. Éischtens kënn et zu Ännerungen am TVA-Regim fir kleng a mëttelgrouss Entreprises. Et handelt sech ëm de sougenannte „Régime de franchises“, deen et scho länger Zäit zu Lëtzebuerg gëtt. Dobäi handelt et sech ëm e fakultativen TVA-Regim, wou kleng Entreprises hir Wueren a Servicer ouni TVA kënnen verkafen an och keng TVA mussen deklaréieren.

Dëse Regim gëtt ganz gutt ugehall vum neien Entreprises a Startuppen, déi mat hirer Aktivitéit ufänken. Zu Lëtzebuerg dierf aktuell eng Entreprise vun där Franchise profitéieren, esoulaang de Chiffre d'affaires annuel manner wéi 35.000 Euro bedréit. Dëse Seuil vum Chiffre d'affaires gëtt mat dësem Projet de loi op 50.000 Euro eropgesat.

Zousätzlech kënn nach eng Toleranz vun 10 % respektiv 5.000 Euro derbäi. Dës Toleranz ass e wichtege Punkt, well am Fall vun engem Dépassement vum Seuil kann d'Entreprise awer nach temporaire vun der Franchise profitéieren.

Et ass awer ze bemerken, dass, wa Betriber vun dësem Regim profitéieren, se dann a Contrepartie déi TVA, déi se bezuelen, wa se Investissementer maachen oder soss Akeef, net méi dierfen zrëckfroen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Regim ass bis elo nëmmen op national Transaktiounen limitéiert gewiescht. Wann d'Entreprise Wueren a Servicer an d'Ausland verkaf huet, huet se sech fir dës Transaktiounen am normalen TVA-Regim am Ausland missen immatrikuléieren. Mam virleiende Gesetzestext kënn et op dësem Punkt zu enger grondleeënder Ännerung, well de Franchiseregim fir den 1. Januar 2025 och fir grenziwwerschreidend Transaktiounen opgemaach gëtt. Dat ass fir vill Lëtzebuerger Entreprises, déi oft grenziwwerschreidend Aktivitéiten hunn, eng gutt Nouvelle. An deem Sënn gëtt en europäesche Seuil vun 100.000 Euro Chiffre d'affaires agefouert, deen an der EU realiséiert ka ginn.

Fir de Contrôle vun dësem System ze assuréieren a fir Abusen ze verhënneren, gëtt en Informatiounsaustausch tëschent den europäesche Fiskalautoritéiten agefouert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim zweete Punkt vun dësem Gesetzestext sinn Ännerungen beim TVA-Regim vu virtuellen Eventer virgesinn. An der Pandemie si vill Eventer, och hei am Haus, op eemol virtuell ofgehele ginn. Do ass et zu Interpretatiounsdivergenzen tëscht de Memberstaate komm, notament bei der Fro vum Lieu d'imposition vun de virtuellen Eventer. Dat ass néideg, fir d'TVA kënnen ze berechnen.

Weinst dësen Interpretatiounsdivergenzen huet d'Direktiv vun 2022 de Regim fir virtuell Eventer elo harmoniséiert. Deemno ass de Lieu de taxation oder Lieu d'imposition do, wou de Client oder Participant non assujetti seng Residenz ergo säi Wunnsätz huet.

Duerch dës Upassung gëtt elo Kloerheet fir all Memberland an Entreprise, déi an dësem Domän vu virtuellen Eventer ënnerwee ass, geschafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de leschte Punkt vum Gesetz handelt ëm den TVA-Regim fir de Verkauf vu Konscht an Antiquitéiten. Den aktuelle Regim gëtt ab dem 1. Januar 2025 net méi applizéiert. An dofir ginn ab dësem Stéchdatum all Transaktiounen am Beräich vun der Konscht an den Antiquitéite mam reduzierte Steuersaz vun 8 % besteiert.

Als leschte Punkt wëll ech nach informéieren, dass d'Regierung en cours de route och nach en Amendement gouvernemental déposiert huet. Am initiale Projet de loi war nämlech virgesinn, d'Exoneratioun fir de Persounentransport iwwert d'Grenzen ofzeschaffen. Dës ass awer net ëmsetzbar, well festgestallt ginn ass, dass d'Fluchgesellschaften och vun dëser Exoneratioun profitéieren. Et ass also net méiglech, d'TVA just fir den Deel vum Vol iwwer eise Land ze berechnen. An dofir gouf dës uviséiert Ofschaffung mam Amendement gouvernemental erëm réckgängeg gemaach.

Ech kommen dann nach ganz kuerz zu den Avisa vum Staatsrot, vun der Chambre des Métiers a vun der Chambre de Commerce.

D'Chambre des Métiers hat keng Observatioun zum Projet de loi.

D'Chambre de Commerce begrüsst an hirem Avis vum 22. November den Text, virun allem den neien europäesche Franchiseregim, a freet an dësem Kontext no Klarifikatiounen, wéi dëse Regim soll konkreet applizéiert ginn. D'Chambre de Commerce ass awer och frou iwwert den Amendement gouvernemental, deen d'Ofschafung vun der Exoneratioun fir de Persounentransport iwwert d'Grenze réckgängeg gemaach huet.

De Staatsrot huet de 26. November en in globo positiven Avis zum Projet de loi ofginn. Hien hat just eng Opposition formelle ausgeswat. Iwwert de Wee vun engem Amendement parlementaire konnt dësen du redresséiert ginn. De Staatsrot weist sech a sengem Avis complémentaire vum 10. Dezember 2024 och zefriden an hieft seng Opposition formelle op. Mir hunn an der Finanzkommissioun och allen Observations d'ordre légistique vun der héijer Kierperschaft Rechnung gedroen.

Dat war et vu menger Säit mat de Punkte vun dësem Projet de loi. A fir weider Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet an entschëllege mech fir déi 40 Sekonne Retard.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bauer, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport.

D'Regierung hätt elo d'Wuert, wa se d'Wuert wëll huelen. Här Minister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Ech soe Merci a wëll d'Debaten domat net méi laang verlängeren.

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun zu dësem Projet also ofgeschloss.

A mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8406. Den Text steet am Document parlementaire 8406⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8406 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. De Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen ugehall ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Octavie Modert), Paul Galle (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Georges Engel) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy (par M. Fred Keup), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

11. 8425 – Projet de loi portant modification :

1^o de la loi modifiée du 6 avril 2013 relative aux titres dématérialisés ;

2^o de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;

3^o de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier

Da komme mer zum Projet de loi 8425 iwwert d'Aféierung vun der Méiglechkeet, op e Kontrollagent zrëckzegräifen am Kader vun der Emissioun vun dematerialiséierte Wäertpabeieren. Hei ass et och e Riedemodell avec rapport et sans débat. De Rapporteur huet 5 Minutten. D'Regierung huet 5 Minutten. An elo huet de Rapporteur, den Här Maurice Bauer, nach eng Kéier d'Wuert. Här Bauer.

Rapport de la Commission des Finances

M. Maurice Bauer (CSV), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass mer eng Freed, Tech haut och dëse Projet de loi 8425 als Rapporteur ze presentéieren, e Projet, deen de 24. Juli vum Finanzminister an der Chamber deposéiert ginn ass.

Nodeems d'Chamber an de leschte Joren dräi sougenannte „Blockchain-Gesetzer“ gestëmmt huet, geet et an dësem Gesetzesprojet dorëms, geziilt Modifikatiounen vum ofgeännerte Gesetz vum 6. Abrëll 2013 iwwert dematerialiséiert Wäertpabeieren ze maachen, fir datt de Finanzsektor nach besser vun den neien Technologie profitéiere kann, dorënner besonnesch déi sougenannten „technologie des registres ou bases de données électroniques distribuées“ oder „distributed ledger technologies“ – „DLT-technology“ genannt –, an esou och vun enger verstärkter Rechtssécherheet profitéiere kann.

De Gesetzesprojet gouf den 22. November an der Finanzkommissioun vun der Chamber presentéiert.

D'Chambre de Commerce huet den 13. November hiren Avis ofginn. De Staatsrot huet elo den 10. November (veuillez lire: den 10. Dezember) säin Avis ofginn, deem an der Sëtzung vun der Finanzkommissioun vum 13. November (veuillez lire: vum 13. Dezember) analyséiert gouf. An där selwechter Kommissiounssetzung huet d'Finanzkommissioun den aktuelle Rapport ugeholl.

De Gesetzesprojet dréit bäi zum Zil vun der Regulierung, d'Attraktivitéit an d'Kompetitivitéit vun der Finanzplaz ze stäerken, andeems se de legale Kader fir digital Wäertpabeiere kreéiert a méi Flexibilitéit, Sécherheet an Transparenz fir Emittenten an Investisseure bitt. Wéi schonns agangs gesot, ass dëse Projet de loi och déi logesch Suite vun den dräi sougenannte „Blockchain-Gesetzer“.

De Gesetzesprojet féiert d'Méiglechkeet an, op en Agent de contrôle an der Emissioun vun dematerialiséierte Wäertpabeieren zréckzegräifen. De Kontrollagent ka Gebrauch maache vun der DLT-Technologie, déi et him erlaabt, op eng gesécherert Aart a Weis Informatiounen iwwert de Besëtz vun den Titren, déi vun einzelnen Acteuren am Marché gehandelt ginn, ze sammelen an ze deelen.

De Projet de loi beschreift ganz genee, wien dës Rôle kann iwwerhuelen. De Kontrollagent kann entweder en Établissement de crédit, also eng Bank, sinn oder eng Entreprise d'investissement oder en Organisme de liquidation, esou wéi et am Gesetz virgesinn ass.

D'Missioun vum Kontrollagent bestinn ënner anere doranner, de Kont, wou den dematerialiséierten Titer emetteiert gouf, ze geréieren an duerno de Suivi ze maache vun de successive Besëtzer vum Pabeier a schlussendlech d'Reconciliatioun vun den dematerialiséierten Titren.

Dësen neie Modell vum Kontrollagent stellt eng Alternativ zum existente Modell duer, deem eng duebel Emissiounsketten tëscht dem zentrale Kontohalter op där enger Säit an engem sougenannte „sekundäre“ Kontohalter op där anerer Säit erfuerdert. Mat Hëllef vun dësem Agent de contrôle kënnen dematerialiséiert Titren esou vum Kontoinhaber vun engem Compte-titre an enger bestoender Kette gehale ginn.

Den neie Regimm ass fakultativ fir Emittenten. En ersetzt (veuillez lire: En ergänzt) deem existente legale Kader, andeems en eng weider Méiglechkeet schafft, fir op déi nei Technologien ze vertrauen, ouni d'Sécherheet fir d'Emittenten an d'Investisseuren à risque ze compromittéieren.

Dëse Gesetzesprojet markéiert e wichtige Schrëtt, fir d'Benotzung vun der DLT-Technologie am Finanzsektor ze erliichteren. Domadder soll d'Positioun vun der Lëtzebuerger Finanzplaz als Referenzzentrum an der Europäescher Unioin a fir d'Benotzung vun dëser DLT-Technologie besonnesch am Beräich vun der Emissioun vun dematerialiséierte Wäertpabeiere gestärkt ginn.

Ausserdeem gi gezielte Modifikatiounen um Gesetz iwwert de Finanzsektor, dem Gesetz iwwert d'CSSF an dem Gesetz iwwert déi dematerialiséiert Wäertpabeiere virgeholl, fir der Aféierung vun der Aktivitéit vum Agent de contrôle Rechnung ze droen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann elo nach kuerz zu den Avisa vum Staatsrot an der Chambre de Commerce.

An hirem Avis vum 13. November begréisst d'Chambre de Commerce d'Aféierung vun der Roll vum Agent de contrôle bei der Emissioun vun Wäertpabeieren. Si begréisst och d'Benotzung vun der DLT-Technologie, déi d'Sécherheet an den Transaktiounen verstärkt

an d'Deele vun Informatiounen tëscht den Acteuren erliichtert. Si sprécht sech och derfir aus, aner Entitéiten ze autoriséieren, d'Roll vum Agent de contrôle auszeüben, zum Beispill en Opérateur de marché oder en Dépositaire central de titres.

Si hält et och fir néideg, fir verschidde Klarifikatiounen zu de verschiddene Begrëffer a Bestëmmunge vun dësem Gesetz ze kréien.

De Staatsrot stellt a sengem Avis vum 10. Dezember fest, dass dëse Gesetzesprojet dat amendéiert Gesetz vum 6. Abrëll 2013 iwwert dematerialiséiert Wäertpabeiere konkret ännert, fir d'Attraktivitéit an d'Kompetitivitéit vun der Finanzplaz ze stäerken. Et geet drëms, am Finanzsektor d'Benotzung vun neien Technologien ze encouragéieren, dorënner déi sougenannten „distributed ledger technology“.

De Staatsrot stellt fest, dass de Gesetzesprojet no dräi rezente Gesetzer kënnt, déi op Blockchain baséieren an déi domadder e legale Kader erstallt hunn, fir d'Benotzung vu geséchererten elektronischen Enregistrementer a punkto dematerialiséiert Wäertpabeieren.

De Staatsrot mengt, datt d'Plus-value vum proposéierten neie System zu engem groussen Deel vun der Penetratiounsquot vun neien DLT-Technologien am Finanzsektor ofhänkt, also, wéi vill a wéi oft op dës nei Technologie zréckgegraff gëtt.

De Staatsrot huet keng Opposition formelle zu dësem Gesetzesprojet.

Fir all weider Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport. An, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bauer, och hei nach eng Kéier fir Äre schrëftlechen a fir Äre mündleche Rapport.

An dann hätt d'Regierung d'Wuert, Här Minister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Och wann et e Projet de loi ass, deem ouni Diskussioun ass, wëll ech awer soen, dass dat hei e Projet de loi ass, dee ganz einfach weeweisend ass. Deen ass weeweisend fir d'Zukunft vun eiser Finanzplaz.

Firwat? Well mer zu Lëtzebuerg eigentlech, niewent Singapur fir den asiatesche Raum, Leader sinn um Niveau vun de Blockchain-Legislatiounen. Do kënnen Transferte gemaach ginn, Kontrolle gemaach ginn, a Millisekonnen.

A rezent gëtt et zwou Haaptapplikatiounen, ech hat dat gëscher kuerz bemierkt.

D'HSBC-Bank, déi zu Lëtzebuerg ass, déi huet esou eng Blockchain-Plattform. An do gi mëttlerweil alleguerten d'digital Obligatiounen vun der BEI iwwert déi Blockchain-Technologie an iwwert déi Plattform vun der HSBC-Bank zu Lëtzebuerg ofgewéckelt.

En zweete Punkt ass deem, dass mer zum Beispill och UCITS-Fongen hunn, déi iwwert déi heiten Technologie kënne gehandelt ginn. Dat ass Franklin Templeton, déi maachen dat iwwer Lëtzebuerg.

An niewent eiser traditioneller Banken- an Assurancenindustrie, niewent eiser Fongenindustrie wäert an deenen nächste Joren, an ech géif soen, och doruwwer eraus, d'Digitalisatioun vun de Finanzen, am wäiteste Sënn vum Wuert, e weesentleche Kritär gi fir d'Kompetitivitéit an och d'Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz, als sougenannten „Drëtte Pilier“.

Dorunner gi mer gemooss. An duerfir sinn ech als Finanzminister extreem frou an houfreg driwwer, dass Gesetzer wéi déi do ohne Wenn und Aber och déi breet Zoustëmmung vun enger Lëtzebuerger Chamber fannen. Dat ass eppes, op dat d'Ausland extreem dobauss kuckt: Wéi schnell mer kënnen agéieren – an hei agéiere mer schnell – a wéi genau mer eis Gesetzgebung un d'Besoinen an d'Ufuerderunge vun der Finanzindustrie, och am Sënn vun der Rechtssécherheet, kënnen upassen.

Duerfir e grouse Merci. Dat hei ass e grouse Schrëtt fir e weidere Kompetitivitéitsfacteur vu Lëtzebuerg als Standuert vun engem vun de gréisste Finanzzentere vun der Welt.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Här Finanzminister. Wësst Der, d'Wichtigkeet vun engem Gesetz hänkt net ëmmer vun der Längt vun eisen Diskussiounen of, ...

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Nee, dat ass richtig.

M. Claude Wiseler, Président | ... mee vun der Expressioun vun eise Votten.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | An dofir komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8425. Den Text steet am Document parlementaire 8425³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8425 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. An dann ass de Vott ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 57 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen, bei enger Abstentioun. An domat ass dëse Projet de loi also bei 57 Jo-Stëmmen géint 2 Nee-Stëmmen bei enger Abstentioun ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8425 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Cloener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Georges Engel) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.